NEWSLETTER ABRËLL 2017

De Mérite Jeunesse wiisst

Aktuell huet de Mérite Jeunesse vill méi Participanten an Tuteuren ewéi nach virun engem Joer. Ëm 800 Jonker sinn mëttlerweil am Programm aktiv an 35 Tuteuren hunn un deenen 2 leschten Formatiounen deelgeholl an 3 weiderer hunn d'Formatioun an England an Holland matgemaach. Elo sinn dann 86 Tuteuren zu Lëtzebuerg fir déi Jonk z'encadréieren.

Visitt vum John May

Am Dezember huet den John May, de Generalsekretär vum International Award, eis zu Lëtzebuerg besicht an hien war ganz zefridden wéi de Mérite Jeunesse sech hei am Land entwéckelt huet. Den John May reest an déi Länner wou den Award sech etabléiert huet fir d'Gespréich mat de Leit ze sichen an Hëllefsstellung ze ginn wou se gebraucht gëtt. Et war eng Beräicherung den John deen esou vill Erfahrung huet, dierfen fir een Dag zu Lëtzebuerg op Besuch ze hunn.

Zeremonie

Den 8. Mäerz war am Forum um Geesseknäppchen d'Remise vun den Certificaten. Dëst Joer hate mir déi grouss Éier, dass nieft dem S.A.R. Prënz Guillaume och säi Papp den Grand-Duc Jean konnt mat deenen Jonken, hiren Elteren an all den Tuteuren an Benevollen d'Iwwerreechung vun den Certificaten feieren. 200 Jonker sinn mat engem Certificat ausgezeechent ginn.

Fir déi flott musikalesch Einlagen hunn d'Böf's mam Gold Participant Christophe Hennico, de Clarinettenensembel aus der Diddelenger Museksschoul mat der Gold Participante Nathalie Schmitz an d'Janina Garboutcheva, Selwer Participante, wat eng Eegekompositioun „Pray for the world" gesongen huet, gesuergt.

D'Geschwëster Shayan a Shadi Monajemi esou wéi och d'Dana Watgen an d'Catherine Richard hunn deen Owend iwwert hier Aktivitéiten um Niveau Bronze geschwat an d'Nora Bohler, d'Lilian Cohaus an den Yannick Noesen hunn iwwert hier Erfahrungen um Goldniveau erzielt.

Proud to be
THE DUKE OF EDINBURGH'S INTERNATIONAL AWARD
In Luxembourg

De Prix du Mérite ass dëst Joer un Schüler aus dem Lycée du Nord gaang fir hiren Musical « IPHI », deen si selwer geschriwwen an op d'Been gestallt hunn.

Expeditiounsatelieren

Säit dësem Schouljoer ginn och virun der Nationalexpeditioun vum Bureau aus Preparatiounsatelieren proposéiert wou déi Jonk een Dag zesumme kommen an alles wat se mussen iwwert d'Orientatioun, d'Material an d'Sécherheet wëssen, erkläert kréien.

Am Januar a Februar hunn déi éischt Atelieren stattfonnt an d'Participanten sinn drop virbereet ginn fir an den nächsten Méint hiren éischten Hike an Ugréff ze huelen. D'Ziel ass dass déi Jonk déi an der Schoul bis elo nach keng Atelieren ugebuede kritt hunn, och déi néideg Preparatioun kënne matmaachen.

Versammlung Tuteuren

Den 22.Mäerz hunn sech 18 Tuteuren mat den 2 Mataarbechterinnen aus dem Bureau getraff fir iwwert d'Problemer an méiglech Léisungen nozedenken wat folgend Thema ubelaangt: Jonker mat engem méi schwieregen sozialen oder schouleschen Hannergrond ze motivéieren fir och beim Programm matzemaachen.

Et sinn vill Erfahrungen ausgetosch ginn an esou konnten och divers Punkte festgehale ginn wou ee kann aktiv dru schaffen fir dëser Situatioun besser entgéint ze wierken. Et gouf och iwwert d'Méiglechkeet geschwat fir een „Deelcertificat" fir all eenzelen Volet an den Unitéiten anzeféieren.

Endlech sinn se do

De Mérite Jeunesse huet nei Posteren a Flyeren déi dank dem Indira Idrizovic fir eng besser Visibilitéit suergen. Et gëtt se op Lëtzebuergesch, Franséisch an Englesch a se kënnen zu all Moment am Bureau bestallt ginn.

Formatiounen

Op déi grouss Nofro hin, war am Mäerz eng zweet Formatioun fir dëst Schouljoer fir Tuteur beim Mérite ze ginn an et waren no deenen 24 Participanten vun Oktober der nach eemol 11 déi sech elo nei engagéiert hunn. Dir sidd elo schonn ganz fläisseg aktiv: ee grousse Merci heifir.

Agenda

22.04	Visitt Prënz Guillaume Finalist vum Prix du Mérite Projet "*Scouts Welcome Refugees*" *Les peaux rouges* zu Diddeleng
28.04-30.04	Preparatiounsweekend Expeditioun
17.05	Visitt Prënz Guillaume Finalist vum Prix du Mérite "*Projet intergénérationnel*" Lycée Robert Schumann
19.05-21.05	Nationalexpeditioun (Finale)

Proud to be
THE DUKE OF EDINBURGH'S INTERNATIONAL AWARD
In Luxembourg